

Fir all weider Informatiounen an Umeldungen:

Asbl d'Millen · J. Schrell : +352 691 510 370 (L/D) · I. Bernard : +352 691 510 372 (F) · info@dmillen.lu · www.dmillen.lu

*D'Ausstellung ass op: Fir Schouklasse an aner Grupp mat enger Féierung: vu méindes bis freides vun 08:00 bis 16:00 Auer
Fir de grouse Public (ouni Féierung) vun dënschdes bis donneschdes vu 17:00 bis 21:00 Auer, vu freides bis sonndes vu 14:00 bis 21:00 Auer*

Fräien Entrée

*Dir kënnt eng Visite guidée reservéieren (L-D-F)
Nëmmen op Ufro bei der Millen asbl · Präis pro Féierung: 60 € fir e Grupp bis zu 25 Persounen*



**Service des sites et
monuments nationaux**



INVITATION

SCHATZKËSCHT BUEDEM · LE SOL, CE TRÉSOR

ENG WANDERAUSSTELLUNG VUM NATUR MUSÉE AN DER MILLEN ZU BIEKERECH
VU MËTTWOCHS DEN 2. MÄERZ BIS FREIDES DE 25. MÄERZ 2016



DE BUEDEM ass eppes Lieweges vu grousser Komplexitéit, et ass d'Liewensgrondlag vun de Planzen, den Déieren a vum Mënsch. Dës Ausstellung „Schatzkëscht Buedem – Le sol, ce trésor“ gëtt Iech e Abléck an Entstehung vum Buedem, déi verschidde Buedemaarten, dat Liewe wat sech doranner ofspillt, d'Notzung vum Buedem an net zulescht de Schutz vun de Biedem.

Mee de Buedem ass och eng natierlech Quell fir d'Architektur. Op der Grondlag vun der Ëmgéigend hu sech verschidden Téin erausgebilt, déi d'Architektur vun de lëtzebuerger Häiser gepräagt hunn. Dat Wäisst aus dem Éislek an déi verschidden Téin aus dem Guttland, déi vum kräftege Rout am Weste bis zum Giel-Beigen am Oste rechen. An dësem Sënn huet d'Firma Robin an Zesummenaarbecht mam SSMN e Fierwekatalog fir Fassaden opgestallt mam Numm „Terre et Tradition“. Och heiriwwer gitt Dir méi gewuer.



D'GEMENG BIEKERECH AN D'MILLEN ASBL AN ZESUMMENARBECHT MAM SERVICE DES SITES ET MONUMENTS NATIONAUX FREEË SECH, IECH OP DE **VERNISSAGE VUN DER WANDERAUSSTELLUNG „SCHATZKËSCHT BUEDEM“** VUM NATUR MUSÉE KËNNEN Z'INVITÉIEREN, AN ZWAR

DËNSCHDES, DEN 8. MÄERZ 2016 VUN 19:00 AUER UNS AN DER BIEKERECHER MILLEN

19:00 AUER: KONFERENZ (L) MAM DR. CHRISTINA MAYER (SSMN) IWWERT „D'FAARWE VUM LAND, D'FAARWE VUM PATRIMOINE“ AN DER SCHEIER

19:30 AUER: FÉIERUNG (L) DUERCH D'AUSSTELLUNG AN DER MILLEGALERIE MAT DER MADAME MICHELLE GROSBUSCH, KOMMISSARIN VUN DER AUSSTELLUNG

20:15 AUER: VERNISSAGE VUN DER AUSSTELLUNG AN DER MILLEGALERIE

*Adresse du jour :
Biekerecher Millen – Millegalerie
103, Huewelerstrooss
L- 8521 Beckerich*